CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Juli 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JUIL. 2019
906

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden mir lech dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Dossier ëm de sougenannte „geheime Casier" bleiwen nach eng Rei Froen onbeäntwert. Dëst ass e.a. doduerch ze erklären, dass d'Ministeren et och wärend der ëffentlecher Debatt verpasst hunn op nach oppe Froen ze äntweren. Dobäi kënnt, dass d'Ministeren behaapt hunn sämtlech Froen wiere beäntwert, dës Äntwerten den Deputéierten zum Zäitpunkt vun den Debatten awer net zur Verfügung stoungen. Mir verlangen dann och, dass d'Ministeren konkret Äntwerte liwweren an sech net beschränken op Verweiser op Gesetzer.

Mir erlaben eis duerfir folgend Froen un d'Häre Ministeren ze stellen:

**1.** An engem Tageblatt-Artikel vum 29. Juni konnt ee folgenden Passage liesen am Kontext vun **Rekrutement bäi der Justiz** liesen:

*„Ein Jobanwärter ist laut eigenen Angaben mit Informationen aus dem unbekannten Register konfrontiert worden – eine illegale, aber gängige Praxis, die dem Tageblatt mittlerweile von hochrangigen Juristen aus der Staatsanwaltschaft bestätigt worden ist."*

Dofir nach eng Kéier eis Fro, déi net beäntwert gouf:

- Goufen et an der Vergaangenheet ähnlech Fäll?

**2.** Vu dass den Här Justizminister widdersprëchlech Aussoen betreffend **Datebanken vun der Justiz** gemaach huet, wéilte mir Folgendes vun him wëssen:

- Wéi eng Datebanken ginn et bäi der Justiz?

- Wéi eng Autoritéit (i.e. déi National Dateschutzkommissioun (CNPD) oder d'Kontrollautoritéit fir de Schutz vu geriichtlechen Daten) ass fir wéi eng Traitementer zoustänneg? Mir erwaarden eis hei ausféierlech Äntwerten an net nëmmen e Verweis op d'Artikelen 39 a 40 vum Gesetz vum 1. August 2'018.

- Ass d'Kompetenzopdeelung tëscht den 2 virgenannten Autoritéiten gesetzlech kloer genuch ëmrass?

- Zu wéi engen Zwecker ginn déi Datebanken jeeweils konkret genotzt?

- Wéivil Leit hunn Accès op déi jeeweileg Datebanken? A wéi enger Funktioun hu si déi Accèsen ?

- Ass et méiglech ze retracéieren, wien wéi eng Donnëen zu wéi engen Zwecker benotzt huet? Wéi laang ginn dës Informatiounen gespäichert?

**3.** Vu dass et widdersprëchlech Aussoen zu der Existenz vun **nominativen Datebanke** bäi der Justiz gëtt, wéilte mir folgend Froen beäntwert kréien:

- Ass et an den eenzele Datebanken méiglech eng Recherche mam Numm ze maachen? A wéi engen Datebanken ass sou en Funktioun virgesinn?

- Wéi eng Informatiounen ginn nieft dem Numm nach encodéiert (just de Gebuertsdatum...)?

- Wann een eng Recherche mam Numm mécht, kënnt dann en vergläichbart Resultat raus, wéi wann een eng Recherche par mot-clé op de gängege Schmaschinnen duerchféiert, i.e. „späizt" de Computer dann alles eraus wat mat där Persoun an Zesummenhang bruecht ka ginn?

- Wéi eng Informatiounen kommen am Fall z.B. vun enger Recherche mam Numm eraus, i.e. eng Lëscht mat de relevanten Dossiersnummeren an där déi „gesichte" Persoun virkënnt, ouni zousätzlech Detailer, oder awer eng Lëscht mat zousätzleche Informatiounen zu där Persoun (wéi z.B. de Gebuertsdatum, ob een als Auteur, Co-Auteur, Affer etc. an engem Dossier gefouert gëtt, den Dossier selwer...)? Sinn och aner Recherchen par mot-clé méiglech? Wéi eng sinn dat?

- A wéi fern sinn déi physesch Dossieren digitaliséiert?

- Gëtt och eng Lëscht (mat Datum, Motiv etc.) gefouert vun de Persounen, déi e physeschen Dossier consultéiere ginn?

**4.** Betreffend den **Dossier pénal** huet et vun der Procureure générale d'Etat geheescht, dass sämtlech PVen a Rapporten vun der Police beim Parquet agedroe ginn. Se wieren awer net consultéierbar. Se géifen och ni an engem Dossier pénal leien. Si géifen sech op de Casier judiciaire baséieren. An enger Äntwert vum 10. Juli 2019 op eis Fro n°816 heescht et awer elo:

*„Bei engem strofrechtleche Prozess befannen sech dofir am Dossier pénal, deen d'Geriicht zur Verfügung huet, all Informatiounen déi relevant si fir d'Beuerteelung vun de Faiten, déi den Ugeklote reprochéiert kritt. Wichteg sinn an deem Kontext d'Rechter vun der Verteidegung vum Ugekloten, wat als Konsequenz huet, dass, haut wéi och an der Vergaangenheet, d'Verteidegung genau déi selwecht Informatiounen kritt wéi d'Geriicht, am Kader vum „accès au dossier", sou wéi d'Strofprozessuerdnung et virgesäit. Den Ugekloten kann also dozou Stellung huelen a sech verteidegen, sou wéi et fir e Strofprozess am Gesetz virgesinn ass."*

- Wéi erkläert de Minister sech dës widdersprëchlech Aussoen?

- Kann de Minister ausschléissen, dass PVen an/oder Rapporten, déi d'Justiz vu Säiten vun der Police kritt huet – an déi, laut der Procureure générale d'Etat net consultéierbar sinn fir d'Justiz, iwwer den Ëmwee vun der Police awer am Dossier pénal landen?

- Fënnt de Minister et net problematesch, dass (i) sech am Dossier pénal eventuell Faiten befannen, déi ni vu Säiten vum Parquet poursuivéiert goufen, wou en Non-lieu oder en Acquittement respektiv eng Rehabilitatioun gesprach gouf an (ii) déi de Riichter a senger Beuerteelung beaflossen?

- Ass d'Ausso, dass eng Persoun am Kontext vum Strofprozess dozou Stellung kann huelen, net en Aveu dass hei Saache schif lafen?

**5.** Et ass nach ëmmer net kloer, wéi eng **Datebanken vun der Police** bedriwwe ginn. Duerfir eis Froen:

- Wéi eng Datebanke ginn et bäi der Police?

- Zu wéi engen Zwecker ginn déi Datebanken jeeweils konkret genotzt?

- Wéivil Leit hunn Accès op déi jeeweileg Datebanken? An wéi enger konkreter Funktioun hu si déi Accèsen?

- An enger Äntwert vum 10. Juli 2019 op eis Fro n°771 heescht et:

*« Si la Police transmet des données dont elle est le responsable du traitement à une autre administration, ce n'est pas la Police qui prend une décision sur base de ces données, mais l'administration requérante. Dans la plupart des cas précités, la Police n'établit pas de rapport ou d'avis détaillé, mais elle informe simplement cette administration/autorité que pour la personne en question l'interrogation de la base de données est positive par rapport aux critères légalement déterminés. La décision définitive prise par l'administration requérante doit être motivée comme toute décision administrative et être communiquée à l'intéressé afin de lui ouvrir la possibilité d'introduire un recours en cas de désaccord. »*

- A wéi enge Fäll deelt d'Police polizeilech Informatiounen spontan mat anere Verwaltungen?
- A wéi enge Fäll geschitt dat op Ufro?
- A wéi enge Fäll redigéiert d'Police e Rapport respektiv en Avis détaillé? A wéi enge Fäll gëtt just informéiert, dass d'Opruffen vun engem Numm positiv oder negativ an hire Datebanke war?
- Wéi ginn déi betraffe Persounen informéiert, dass se an enger Police-Datebank gefouert ginn? Wann se net doriwwer informéiert ginn, wéi kënnen se dann hir Rechter ausüben?

**6.** Mir goufen an enger Äntwert vum 9. Juli 2019 op eis Fro n°823 informéiert, dass eng vun de laangjährege Recommandatiounen vun der Artikel 17-Kontrollautoritéit net de Fichier central vun der Police viséiert huet, mä de **Journal des Incidents**. An engems gouf drop verwisen, dass de Journal des Incidents zanter dem 1. Abrëll 2019 duerch en neie System ELS ersat gouf.

- Kënnen d'Ministeren confirméieren, dass den ELS mëttlerweil konform ass mat de Recommandatiounen vun der deemoleger Art-17-Kontrollinstanz?

- Wann net, firwat ass dat nach net de Fall?

**7.** An der Äntwert vum 10. Juli 2019 op eis Fro n°816 heescht et dann wat d'**Späicherung vun Informatiounen zu de Mannerjäregen (Jugendschutz)** betrëfft:

*„D'Recommandatioune vun der Kontrollautoritéit gemäß Artikel 17 hu sech net op den Fichier central bezunn ma op den "Journal des incidents (JDI)", deen den 1. Abrëll 2019 duerch en neien Système, den "Einsatzieitsystem" (ELS), ersat gouf. Am JDI/ELS goufen ni sou Procès-verbauxen a Rapporte gespäichert."*

- Wéi erkläert sech de Minister dës widdersprëchlech Aussoen ?

- Op der enger Säit betreffen d'Recommandatiounen de Journal des Incidents / ELS, op der anerer Säit goufen ni sou Rapporten oder PVen am JDI /ELS gepäichert: huet d'Art-17-Kontrollautoritéit sech éiere geiert?

**8.** Méi generell stellt sech d'Fro wéini op **Policeantécédentën** kann zréckgegraff ginn. De Minister fir bannenzeg Sécherheet huet am Plenum vun 8 Situatiounen geschwat.

- Kann de Minister eis déi 8 Situatiounen oplëschten?

- Ass déi Lëscht exhaustiv?

**9.** Wat d'**Zouloossen zu de Feierlechkeeten fir Nationalfeierdag** ugeet, gouf et keng Äntwerten am Plenum. Och déi deementspriechend parlamentaresch Fro bleift bis haut onbeäntwert. Et stellen sech awer am deem Kontext nach zousätzlech Froen, déi sech aus dem Reportage op RTL, erginn:

- Gëtt hei e systemateschen Screening duerchgefouert oder gi just eng Rei Leit gescreent ? No wéi enge Kritären gëtt entscheed wien engem Screening ënnerzu gëtt oder net?

- Gëtt de Screening just fir Nationalfeierdag oder och nach aner Manifestatiounen duerchgefouert? Wéi eng sinn dat?

- Wat ass déi legal Basis vun deene Screeningen?

- Wie mécht dee Screening just d'Police oder och aner Servicer (Geheimdéngscht etc.) ? Wéi eng Daten gi fir sou ee Screening consultéiert (just de Fichier central vun der Police)?

- Wéi eng Informatiounen ginn an deene Fäll weidergeleet (just d'Info, dass d'Interrogatioun an der Datebank„positiv" verlaf ass, en Avis sommaire oder awer en Avis détaillé)?

- U wie ginn dës Informatiounen weidergeleet? Just un de Service vum Protokoll vum Ausseministère?

- Sinn an deene Fäll Recourse virgesinn ? Wéi eng sinn dat? Kann een dës Recoursméiglechkeeten als „effektiv" bezeechnen?

- Wéi bewäert d'Regierung den Ëmstand, dass an enger Äntwert op e Bréif vun där Persoun, déi am RTL-Reportage ze gesi war, de Policegeneraldirekter den 19. Dezember 2018 (also 4 Méint nom Akraafttrieden vun de jeeweilegen Dateschutzgesetzer) Folgendes schreift:

« *Effectivement, bien que le règlement grand-ducal du 2 octobre 1992 relatif à la création et à l'exploitation d'une banques de données nominatives de police générale ait perdu sa base légale avec l'entrée en vigueur de la loi du 1er août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale, la Police applique toujours les règles relatives aux délais de conservation* ***en attente de nouvelles règles à fixer d'après les nouvelles dispositions****.* » ?

Här President, ech bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

Gilles Roth
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 2 août 2019
Réf. N° QP -73/19

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°906 du 17 juillet 2019 des honorables Députés Laurent MOSAR et Gilles ROTH

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe notre réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Vice-Premier Ministre,
Ministre de la Justice

Félix BRAZ

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

136-000144-20041018-FR

**Äntwerte vum Här Félix Braz, Justizminister, a vum Här François Bausch, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Ufro N° 906 vun den Honorablen Deputéierte Laurent Mosar a Gilles Roth**

# Hei d'Äntwerten op déi Froe vun der parlamentarescher Ufro déi der Zoustännegkeet vum Justizminister ënnerleien.

1.

***- Goufen et an der Vergaangenheet änlech Fäll?***

Wéi scho vun de Justizautoritéiten erkläert ginn ass, beruffe sie sech op den Artikel 2, Paragraph 1, Buschtaf c) vum Gesetz iwwert de Beamtestatut vum 16. Abrëll 1979 souwuel wéi op den Artikel 3, Paragraph 1, Buschtaf c) vum Gesetz iwwer d'employés de l'Etat vum 25. Mäerz 2015 wou d'Appréciatioun virgesinn ass vun de verlaangte Garantië vun der Moralitéit, deemno fir d'Iwwerpréiwung vun de Kandidatinnen a Kandidaten déi bei de Justizautoritéite wëllen agestallt ginn.

Dobäi muss awer ervir gehuewe ginn, dass d'Justizautoritéiten nëmme bei relativ wéineg Leit selwer Virstellungsgespréicher féieren, an dat haaptsächlech bei Poste fir Attachés de justice, verschidden Employéesposte fir en CDI - oder e CDD-Kontrakt am groupe de traitement "A1", wéi z.B. Referendairen, Analystes financiers fir an d'Cellule de Renseignement Financier, oder och verschidden Informatiker. Déi aner Poste lafen, wéi bei de Verwaltunge vum Staat och, iwwert de Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO). D'Astellunge selwer ginn an alle Fäll vum CGPO gemaach.

2.

***- Wéi eng Datebanken ginn et bei der Justiz?***

***- Zu wéi engen Zwecker ginn déi Datebanken jeeweils konkret genotzt?***

D'Lëscht vun den Traitementer, déi et bei de Justizautoritéiten ginn wäert fir den Ufank vun der Année judiciaire 2019/2020 am September virleie wann de Registre des activités de Traitement, sou wéi en am Gesetz virgesinn ass, finaliséiert ass. Dee Register beinhalt op den Dag vun haut 86 Traitementer. Zu där Lëscht kann een och nach zwee aner Traitementer dobäi zielen déi vun der Cellule de Renseignement financier gemaach ginn. Dat ass en onofhängegt Organ, mee et fonctionnéiert awer ënnert der administrativer Opsiicht vum Procureur général d'Etat, sou wéi et am Gesetz vum 10. August 2018 "modifiant certaines lois et portant organisation de la Cellule de renseignement financier" virgesinn ass.

Am Register stinn souwuel manuell wéi och digital Fichieren. An der éischter Kategorie sinn typescherweis kleng Fichieren déi bal ëmmer op en eenzelne Service beschränkt sinn.

Dee Registre des activités de Traitement steet dem Gesetz no den Dateschutzkontrollautoritéiten déi do sinn d'autorité de contrôle judiciaire (ACJ) an d'Commission nationale de la protection des données (CNPD) op Demande zur Verfügung.

***- Wéi eng Autoritéit (i.e. déi National Dateschutzkommissioun (CNPD) oder d'Kontrollautoritéit fir de Schutz vu geriichtlechen Daten) ass fir wéi eng Traitementer zoustänneg?***

Wéi d'Gesetz vum 1. August 2018 et a sengen Artikelen 39 a 40 virgesäit huet d'CNPD déi allgemeng Kompetenz fir d'Dateveraarbechtung zu Lëtzebuerg ze kontrolléieren, an déi justiziell Dateschutzautoritéit (Autorité de contrôle judiciaire) huet nëmmen eng Kompetenz fir déi Dateveraarbechtung, déi hier duerch den Artikel 40 vum Dateschutzgesetz vum 1. August 2018 attribuéiert ginn ass.

Déi justiziell Dateschutzautoritéit ass zoustänneg, wann zwou Conditiounen erfëllt sinn:

1° de "responsable du Traitement" ass eng Juridictioun, vum ordre judiciaire oder vum ordre administratif, oder de Parquet, an

2° d'Dateveraarbechtung gëtt gemaach am Kader vun der Ausübung vun der juridiktionneller Fonctioun.

Sou ënnerläit, z.B., de "JU-CHA" der Kompetenz vun der justizieller Dateschutzautoritéit, mee e Fichier, deen z.B. als Finalitéit d'Gestioun vun den Accès-Badgen an d'Gebai vum Geriicht huet, dee fält ënnert Zoustännegkeet vun der CNPD. Dat selwecht ass z.B. de Fall fir de Ficher "gestion du personnel".

All Fichieren déi vun engem Geriicht oder vum Parquet gefouert ginn, an déi eng Finalitéit vu "case management" hunn, wéi de "JU-CHA" z.B., falen ënnert d'Zoustännegkeet vun der justizieller Dateschutzautoritéit.

Fir weider Informatioune verweisen ech op d'parlamentareschen Dokumenter zum Projet de loi N° 7168, deen duerno d'Gesetz vum 1. August 2018 ginn ass.

***- Ass d'Kompetenzopdeelung tëscht den 2 virgenannten Autoritéiten gesetzlech kloer genuch ëmrass?***

Esou wéi se am Gesetz beschriwwen ass, jo. Froen, déi opkommen, ginn am Kader vu bilaterale Consultatioune geléist, woubäi ervirgehuewe muss ginn, datt d'CNPD duerch zwee Memberen (ee Membre effectif an ee Membre suppléant) an der ACJ vertrueden ass.

***- Wéivil Leit hunn Accès op déi jeeweileg Datebanken? A wéi enger Funktioun hu si déi Accèsen ?***

Accès hunn ëmmer nëmmen déi Leit déi eng duebel Konditioun erfëllen : en Accès muss op Grond vun hierer Funktioun néideg sinn an zudeem muss den Accès en direkten Zesummenhang mat der individueller Aarbecht hunn, d.h., se mussen ëmmer och en dossiersbedingte Besoin hu fir eng Donnée ze consultéieren. Dëse Prinzip ass och an interne Circulaire vum Procureur général d'Etat festgeluecht ginn.

Déi grouss Fichiere bei de Justizautoritéite si vun Ufank un nom "Privacy by Design" Prinzip opgestallt ginn an d'Accèsë sinn den eenzelne Poste vun de Leit ugepasst.

***- Ass et méiglech ze retracéieren, wien wéi eng Donnëen zu wéi engen Zwecker benotzt huet? Wéi laang ginn dës Informatiounen gespäichert?***

All déi digital Fichieren hunn eng Log-Funktioun agebaut déi erlaabt festzestellen, wien, wéini, wéi eng Donnéeë gekuckt huet. E präzise Motif muss am Fall vun enger Kontroll ugi ginn. D'Log-files ginn dräi Joer laang gehalen.

Bei de manuelle Fichiere gëtt et keng esou eng Funktioun, dëst ass awer och, au vu vun der Natur vun dësen Traitementer, well dat bis elo dateschutzrechtlech als net noutwenneg empfonnt ginn ass.

**<u>3.</u>**

***- Ass et an den eenzele Datebanken méiglech eng Recherche mam Numm ze maachen? A wéi engen Datebanken ass sou en Funktioun virgesinn?***

Zum bessere Versteesdemech: An der Logik vum Dateschutz muss ee grondsätzlech ënnerscheeden zwëschen engem "fichier nominatif" an engem "fichier de données nominatives". Deen éischte Genre vu Fichier ass effektiv sou opgebaut, dass et pro Persoun, déi an dee Fichier agedroe gëtt, eng Fiche gëtt, an op där Fiche stinn déi Informatiounen, déi déi Persoun betreffen. E Beispill fir sou e Fichier ass de "Casier judiciaire".

Op der anerer Säit gëtt et "ficher de données nominatives", wéi de « JU-CHA ». Dee Fichier huet net als Finalitéit fir pro Persoun eng Fiche opzestellen, mee ass just do fir den administrative Suivi an d'Gestioun vun deene Faiten a Prozeduren ze maache mat deenen d'Justizautoritéite saiséiert gi sinn, dat ass ewéi en Inhaltsverzeichnis bei engem Buch. Déi eigentlech Dossiere sinn - an aller Regel a Pabeierform - bei deene Magistraten déi um Dossier schaffen. De "JU-CHA" ass ausserdeem no Notiznummeren organiséiert, dat heescht, dass all Dossier eng eegen Nummer huet, op eng Persoun bekannt ass oder op den Dossier géint Onbekannt opgemaach ginn ass. Wichteg ass ze ënnersträichen, dass am „JUCHA" nëmmen Informatiounen zum Dossier stinn, a keng Dokumenter opgeholl gi sinn, mat Ausnam vun de Facturen, déi als frais de justice gëllen, an aus evidenten Effizienzgrënn zentral verwalt ginn, an awer trotzdem mussen dem Geriicht an de Prozessparteie kennen zur Verfügung gestallt ginn am Fall wou et eng Contestatioun zu de Fraisë géif ginn.

***- Wéi eng Informatiounen ginn nieft dem Numm nach encodéiert (just de Gebuertsdatum...)?***

Dëst ass jee no Fichier verschidden, well net all Fichier déi nämlecht Donnéeë brauch. De Register vun den Délibératioune vun der Cour huet ganz aner Besoine wei, z.B., de Casier judiciaire. Am Registre des Traitements wäerten ab der Rentrée judiciaire all déi Donnéeë am Détail verzeechent sinn.

***- Wann een eng Recherche mam Numm mécht, kënnt dann en vergläichbart Resultat raus, wéi wann een eng Recherche par mot-clé op de gängege Schmaschinnen duerchféiert, i.e. „späizt" de Computer dann alles eraus wat mat där Persoun an Zesummenhang bruecht ka ginn?***

Nee. Et gëtt keng Sichfunktioun déi all Fichiere géif ënnert sech verbannen a se all géif duerchsiche fir all Donnéeën, déi iwwert eng eenzel Persoun verzeechent wieren, erauszefannen.

***- Wéi eng Informatiounen kommen am Fall z.B. vun enger Recherche mam Numm eraus, i.e. eng Lëscht mat de relevanten Dossiersnummeren an där déi „gesichte" Persoun virkënnt, ouni zousätzlech Detailer, oder awer eng Lëscht mat zousätzleche Informatiounen zu där Persoun (wéi z.B. de Gebuertsdatum, ob een als Auteur, Co-Auteur, Affer etc. an engem Dossier gefouert gëtt, den Dossier selwer...)? Sinn och aner Recherchen par mot-clé méiglech? Wéi eng sinn dat?***

Och hei hänkt et vum jeeweilege Fichier of. Beim „JU-CHA" kommen déi do genannten Detailer bei net archivéierten Dossieren eraus, bei archivéierten Dossieren ass et nëmmen nach d'Nummer vun dem Dossier an d'Informatioun vum Roll vun der Persoun an deem Dossier (Affer, Zeien, ...), an natierlech d'Donnéeë vun der Persoun déi och am RNPP-Fichier stinn (registre National des Personnes Physiques) fir en Iertum ze verhënneren am Fall vun enger Homonymie. Et hängt also ëmmer vun der Finalitéit vum Fichier of, wat op eng Nofro hin erauskënnt.

**Den 10. Juli huet d'Chamber eng Motioun vum Honorablen Deputéierten Sven Clement duerch Vote par main levée ugeholl déi d'Regierung invitéiert huet mat "Screen shots" vun anonyme Beispiller de "JU-CHA" duerzestellen.**

**Ech wëll heimadder dëser Opfuerderung nokommen.**

**DOKUMENT**

**JU-CHA, présentation à la Chambre des Députés**

**Parquet Général du Grand-Duché de Luxembourg**

# JU-CHA

## présentation à la Chambre des Députés

Parquet Général du Grand-Duché de Luxembourg

# Ergonomie de JUCHA




1 Menu principal
2 Panneau de recherche
3 Panneau Action
4 Panneau Impression
5 Zone de données

# Ergonomie de JUCHA

- N.B.:
  - Les accès des différents acteurs sont accordés en fonction de leurs attributions telles que définies par la loi
  - Chaque accès effectué doit toutefois être justifié au cas par cas par un besoin de service actuel
  - Chaque accès fait l'objet d'un « logging »

# Interface Personnes




- Cette interface permet (si le droit d'accès de l'agent le prévoit) :
  - De rechercher des personnes physiques ou morales à l'aide de différents critères
  - De consulter les inscriptions au casier judiciaire ou au Registre spécial jeunesse
  - D'imprimer certains éléments

# Interface Affaires




- Cette interface permet (si le droit d'accès de l'agent le prévoit) de rechercher les affaires à l'aide de différents critères:
  - No. Notice (Format: Numéro/année/Type) ou Numéro
  - Mot clé (Champ « Remarques », page d'accueil)
  - Nom d'une partie
  - D'un No. de PV
  - D'une référence Police
  - D'un No. de jugement
  - Période des faits reprochés

# Interface Affaires: Onglet Accueil



# Interface Affaires: Onglet Prévenus/Inculpés



# Consultation – Détail d'une partie



# Interface Affaires: Onglet Instruction
# (accès limité aux cabinets d'instruction)



# Interface Affaires: Onglet Pièces à convictions



# Interface Affaires: Onglet Audiences



# Interface Affaires: Onglet Décisions



# Interface Affaires: gestion des frais




| Type de frais | Remarque | Montant | Quantité | Total | Date | Concernés | Montant attribué |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Analyse ADN | rapport d'expertise [redacted] | 2 466,75 | 1 | 2 466,75 | | 1 | 2466,75 |
| Analyse de sang | LNS 2014-01606 17.03.20 [redacted] | 246,1 | 1 | 246,1 | | 1 | 246,10 |
| Autres | ORD 403 | 4,5 | 1 | 4,5 | | 1 | 4,50 |
| Autres | ORD 765 | 9,6 | 1 | 9,6 | | 1 | 9,60 |
| Autres | frais arrêt n° 210/14 Ch.c.C. | 11,95 | 1 | 11,95 | | 1 | 11,95 |
| Autres | frais arrêt n° 129/14 Ch.c.C. | 11,95 | 1 | 11,95 | | 1 | 11,95 |
| Citation à expert | | 7,05 | 1 | 7,05 | 08/11/2016 | 1 | 7,05 |
| Citation à expert | | 8,7 | 3 | 26,1 | 08/11/2016 | 1 | 26,10 |
| Citation à interprète | 27042017 | 8,7 | 1 | 8,7 | 10/04/2017 | 0 | 0 |
| Citation à interprète | | 8,7 | 1 | 8,7 | 08/11/2016 | 0 | 0 |
| Citation à prévenu | | 8,7 | 1 | 8,7 | 08/11/2016 | 1 | 8,70 |
| Citation à prévenu | 27042017 | 8,7 | 1 | 8,7 | 10/04/2017 | 1 | 8,70 |
| Citation à témoin | 27042017 | 8,7 | 2 | 17,4 | 10/04/2017 | 1 | 17,40 |
| Citation à témoin | 27042017 | 0,7 | 3 | 2,1 | 10/04/2017 | 1 | 2,10 |
| Citation à témoin | | 7,05 | 1 | 7,05 | 08/11/2016 | 1 | 7,05 |
| Citation à témoin | | 0,7 | 3 | 2,1 | 08/11/2016 | 1 | 2,10 |
| Citation à témoin | | 8,7 | 2 | 17,4 | 08/11/2016 | 1 | 17,40 |
| Consultation médicale | CENTRE HOSPITALIER 912302899 17.0 | 174 | 1 | 174 | | 1 | 174,00 |
| frais de jugement | | 0,52 | 1 | 0,52 | 02/05/2017 | 1 | 0,52 |
| Notification arrêt Cour d'... | arrêt n° 129/14 ChcC du 28.02.2014 | 4,6 | 1 | 4,6 | | 1 | 4,60 |
| Notification arrêt Cour d'... | arrêt n°210/14 Ch.c.C. du 4 avril 2014 | 4,6 | 1 | 4,6 | | 1 | 4,60 |
| Notification ordonnance ... | ORD 2167 | 17,15 | 1 | 17,15 | 05/09/2016 | 1 | 17,15 |
| Prise de sang | CENTRE [redacted]302899 17.0 | 55,5 | 1 | 55,5 | | 1 | 55,50 |
| Rapport d'expertise | expertise [redacted]1.2014 | 1 238 | 1 | 1 238 | | 1 | 1238,00 |

# Interface Affaires CRI

(commissions rogatoires internationales)




- Cette interface permet:
  - De rechercher une / des CRI via différents critères comme:
    - Le No. de la CRI (XXXX/AA/CRIL)
    - La date de la CRI
    - Le statut de la CRI
    - Le requérant (nom, ville, pays)
    - Une partie

# Interface Affaires MAE

(mandat d'arrêt européen)




- Cette interface permet:
  - De rechercher un / des MAE via différents critères comme:
    - Le No. du MAE (XXXX/AA/MAEL)
    - La date MAE
    - Le statut de la MAE
    - L'autorité émettrice (nom, ville, pays)
    - Une partie

# Interface Interconnexion ECRIS

(European Criminal Record Information System)




- Cette interface permet:
  - De rechercher les demandes d'information du casier judiciaire pour les personnes étrangères que vous avez faites via différents critères comme:
    - Le statut
    - Le pays destinataire
    - La personne concernée
    - Une période concernant la date de la demande
    - Le n° du message
  - De consulter le casier judicaire étranger

# Interface Audiences




- Cette interface permet:
  - De rechercher des audiences via différents critères comme:
    - Une période déterminée
    - Le type d'une audience
    - La chambre saisie
    - Le magistrat du Parquet / PG
    - Le juge
  - De consulter les affaires fixées à une audience
  - De consulter le détail d'une affaire

# Interface Intervenants externes

- Deux type de recherche sont possibles:
  - Recherche d'intervenants externes (avocats, experts, interprètes ...)
  - Recherche de personnes de contact






# Magistrats de l'affaire



# Contrôle judiciaire



# Traductions automatiques des ordonnances sur requête de mise en liberté.



# ECRIS

Notifications étrangères – Saisie de la condamnation dans le CJ luxembourgeois.



# Casier judiciaire (fenêtre de saisie)



# Demande bulletin 2 via MyGuichet

Réf. : 2017-A001-N244

Transmission de la démarche le 10/11/2017 09:13:36

## *Statut*

**Votre démarche a été transmise à l'organisme.**
**Vous allez recevoir des informations concernant le traitement de votre démarche par e-mail ou par voie postale.**

Transmis

Dossier | Historique | Acteurs | Messages 1

**TOTAL : 1** formulaire, **0** annexe, **0** justificatif

*Ajouter une annexe* | *Ajouter un justificatif*

Formulaire | Annexe | Justificatif

Demande de casier judiciaire par les administrations

Transmis le 10/11/2017 09:13:36

*Transmis*

*Editer* | *Signer*

*Transmettre* | Retour | *Supprimer*

# Module MyGuichet

Parquet général
du Grand-duché de Luxembourg
Service du casier judiciaire

Administration Judiciaire
Cité judiciaire - Plateau du Saint-Esprit
L-2080 Luxembourg
Tel: 475981-369

**DEMANDE DE CASIER JUDICIAIRE
PAR LES ADMINISTRATIONS**

**1. Identité de la personne morale faisant la demande**

| | |
|---|---|
| Nom de la personne morale | [redacted] |
| Type de personne morale | Administration étatique |
| **Adresse** | |
| Numéro, rue | |
| Code postal | |
| Localité | |
| Pays | |
| E-mail | |

**2. Identité du demandeur**

| | |
|---|---|
| Nom | |
| Prénom | |
| Numéro d'identifiant national | |

**3. Motif de la demande**

| | |
|---|---|
| Bulletin demandé | Bulletin 3 |
| Motif de la demande | Re test |

Parquet général
du Grand-duché de Luxembourg
Service du casier judiciaire

Administration Judiciaire
Cité judiciaire - Plateau du Saint-Esprit
L-2080 Luxembourg
Tel: 475981-369

**4. Liste des personnes pour qui le casier est demandé**

| ID National | Nom | Prénom | Date de naissance | Bulletin |
|---|---|---|---|---|
| | | | 1974-11-20 | Bulletin 2 |
| | | | 1966-06-07 | Bulletin 2 |

Je certifie disposer du consentement écrit ou électronique des personnes reprises ci-dessus pour la délivrance d'un extrait de casier judiciaire.
Oui

**5. Signature**

Signature du demandeur :

# Module MyGuichet

Réf. : 2017-A001-N244

Démarche clôturée le 13/11/2017 15:00:40

## *Statut*

Votre démarche a été clôturée par l'organisme.

Fermé

Dossier | Historique | Acteurs | Messages 1

L'envoi de communication n'est pas permis pour ce type de démarche ou pour une démarche dans ce statut.

*Nouveau message* | Marquer comme lus | Marquer comme non lus

**2 messages**

| ☐ | Date d'envoi | Sujet | Expéditeur | Déclaration |
|---|---|---|---|---|
| ☐ | 13/11/2017 16:00:32 | Refus pour [redacted] | Administration Judiciaire | Demande de casier judiciaire par les administrations |
| ☐ | 10/11/2017 17:00:33 | Liste des casiers néants | Administration Judiciaire | Demande de casier judiciaire par les administrations |

# Biens saisis en espèce



# Lien pièces à conviction / affaires



# Module Archives-papier



# Module SCAS


on
SCAS
Statistiques
Recherche de dossiers Prot. Jeun.
Gestion des dossiers Prot. Jeun.
Recherche de dossiers Tutelle
Recherche de dossiers Probation
Recherche de dossiers Grâce / CDS
Recherche d'aide aux victimes
Module Budget

***- A wéi fern sinn déi physesch Dossieren digitaliséiert?***

D'Commissions rogatoires internationales an d'Mandats d'arrêt européen sinn digitaliséiert a kënnen iwwert de „JU-CHA" opgeruff ginn, wann den Droit d'accès an den Intérêt spécifique bestinn. Déi normal penal Dossiere ginn am Moment och digitaliséiert, wéi den Art. 85 vum Code de procédure penale et erlaabt, en vue vun der Kommunikatioun un d'Affekoten. Et besteet allerdéngs kee Lien zwëschent dem „JU-CHA" an dem Fichier wou des Dossiere versuergt sinn, sou dass souwuel de Parquet wéi och d'Geriicht, contrairement zu den Affekoten, nëmme kënnen um Pabeiersdossier schaffen, an net den digitalen Dossier kënne konsultéieren.

Am Kader vun der Schafung vum Parquet Européen wäerten d'Justizautoritéiten allerdéngs op de Wee vun engem digitale penalen Dossier goe mussen, well dës Form am europäesche Reglement iwwert de Parquet Européen virgeschriwwen ass.

***- Gëtt och eng Lëscht (mat Datum, Motiv etc.) gefouert vun de Persounen, déi e physeschen Dossier consultéiere ginn?***

D'Consultatioune vun de physesche Strofdossiere gëtt am Dossier selwer vermierkt wann et duerch eng Partei oder hiren Affekot gemaach gëtt. D'Consultatioun duerch de Parquet gëtt net speziell vermierkt, vu dass et jo dem Parquet säin Dossier ass, an en opgrond vum Code de procédure penale dësen Dossier all Moment kucke kann.

Fir déi ënnerschiedlech Fichiere gëlle jeeweils aner an zum Deel spezifesch Regelen. Am Prinzip gëtt awer bei physeschen Dossieren net speziell Buch iwwert d'Accèsë gefouert.

<u>4.</u>

***- Wéi erkläert de Minister sech dës widdersprëchlech Aussoen ?***

Och hei läit keng widdersprëchlech Ausso vir. Wann um Parquet e Procès-verbal oder e Rapport vun der Police era kënnt, da gëtt en am "JU-CHA" saiséiert mat enger Referenznummer, mam Libellé vun der juristescher Qualifikatioun vum Fait ëm deen et geet, z.B. "coups et blessures volontaires", mat der Nummer vum Procès-verbal oder dem Rapport, mam Numm, mam Gebuertsdatum an der Qualitéit an där d'Persoun opgeholl ass (Zeien, Affer, Täter) déi am Procès-verbal oder am Rapport ernimmt ginn ass.

Méi spéit kommen do natierlech zousätzlech Informatiounen dobäi déi de Suivi vun der Affaire betreffen, wéi z.B. ob de Fait "classé sans suites" ginn ass, ob beim Untersuchungsriichter eng instruction

préparatoire ugefrot ginn ass, ob den Untersuchungsriichter d'Police judiciaire mat enger Perquisitioun chargéiert huet, ob a wéini den Dossier bei d'Chambre du Conseil gaangen ass, etc.

De Procès-verbal oder de Rapport selwer kënnt wéi scho gesot net an de "JU-CHA", mee kennt an de manuellen Dossier, deen dee Magistrat huet, deen d'Affaire attribuéiert kritt huet. Dofir ass de Procès-verbal selwer och net am "JU-CHA" consultéierbar.

Wann eng Affaire da fäerdeg instruéiert ginn ass, an d'Geriicht ("juridiction de jugement") mat der Affaire befaasst gëtt, dann huet dat Geriicht selbstverständlech och en Dossier, an dat ass deen, deen d'Mme Procureur général d'Etat den "dossier pénal" genannt huet.

Zu der Fro, wat an deem "dossier pénal", deen also d'Geriicht huet, alles dran ass, do kann een de Verbatim vun der gemeinsamer Sitzung vun der Commission de la Justice a vun der Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense vum 3. Juli 2019 zitéieren, Säite 6 a 7, wou den Här Jean-Claude WIWINIUS, President vun der autorité de contrôle judiciaire a vun der Cour Supérieure de Justice, sech sou ausgedréckt huet:

*„Mir haten d'Gefill um Geriicht, et géif elo och behaapt ginn, et géif gemengt ginn esou, loosse mer et Fichieren nennen, et ass de Casier, Casier bis genannt ginn, an dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn, et géif an den Dossiere vum Geriicht leien. (...) Dat ass net wouer! (...) Also ech preziséieren dat hei: Mir hunn esou Saachen net an eisen Dossieren, an ech hunn et och mat Kolleegen beschwaat. Ech mengen, dat schéngt mer wichteg ze sinn. Dat (...) wier a mengen Aen dat Schlëmmst (...) wa mir géifen Decisiounen huelen a mir hätte Saachen do, déi d'Defense net géif kennen. Dat stëmmt net!"*

Dat heescht dass den Dossier pénal, also den Dossier iwwert déi spezifesch Affairen iwwer déi e Strofgeriicht ze befannen huet, nëmmen aus de prozeduralen Akten zu dëse Faiten besteet, souwéi dem Bulletin N° 1 vum Casier Judiciaire vum Beschëllechten. D'Äntwert vum 10. Juli 2019 op déi parlamentaresch Ufro n°816 huet, op där aner Säit, däitlech gemaach, dass am Dossier pénal deen d'Geriicht huet natierlech all déi Procès-verbaux a Rapporten dra leien, déi eppes mat deem Fait ze dinn huet, mat deem d'Geriicht befaasst ass.

Wann et z.B. ëm e bestëmmte Fait geet, an d'Police hat en éischte Procès-verbal fir de Fait selwer gemaach, dat ass de sougenannte "PV de base", an duerno hat den Untersuchungsriichter nach dräi Interrogatoiren an zwou Perquisitiounen ordonnéiert déi d'Police executéiert huet, dann huet d'Geriicht herno am Ganze 6 Procès-verbaux a sengem Dossier, an natierlech och en Extrait aus dem Casier judiciaire, well d'Geriicht muss kënne feststellen, op den Ugekloten ënnert d'Conditioune vun der Recidive fällt, sou wéi de Code penal déi definéiert.

Sou wéi den Här WIWINIUS et erkläert huet befannen sech am Dossier pénal vum Geriicht also keng Lëschten an/oder Extraiten aus dem "JU-CHA" an/oder dem Fichier central vun der Police oder Ähnleches, déi aner Faitë betreffen, wéi deen, mat deem d'Geriicht befaasst ass.

***- Kann de Minister ausschléissen, dass PVen an/oder Rapporten, déi d'Justiz vu Säiten vun der Police kritt huet – an déi, laut der Procureure générale d'Etat net consultéierbar sinn fir d'Justiz, iwwer den Ëmwee vun der Police awer am Dossier pénal landen ?***

Op Grond vun den Erklärunge vun der Madame Procureur général d'Etat a vum President vun der Cour Supérieure de Justice, kann een dat ausschléissen.

Fir komplett ze sinn: Wann en Dossier scho beim Geriicht fixéiert ass an et kënnt nach e Procès verbal oder e Rapport eran, kennen dës Dokumenter wuel och nach nogereecht ginn, mee ginn dann awer och de Parteien virum Prozess matgedeelt fir dem kontradiktoreschen Débat kennen ënnerzunn ze ginn. Eng aner Virgoensweis wier kloer rechtswidreg. Deemno ass et legal net méiglech dass sou Dokumenter beim Geriicht am Dossier penal ouni Wësse vun den Parteie leien.

Et gëtt deemno keng Korrespondenz zwëschent der Police an de Geriichter am Kader vu lafenden Affaire gefouert, ausser d'Geriicht fuerdert et un am Kader vun affaires criminelles, sou wéi den Artikel 218 vum Code de procédure pénale et virgesäit, an och do ass den Echange natierlech kontradiktoresch, dat heescht d'Prozessparteie sinn all informéiert an all Element ass frei zur Verfügung. Dëst kënnt allerdéngs extrem seele vir.

***- Fënnt de Minister et net problematesch, dass (i) sech am Dossier pénal eventuell Faiten befannen, déi ni vu Säiten vum Parquet poursuivéiert goufen, wou en Non-lieu oder en Acquittement respektiv eng Rehabilitatioun gesprach gouf an (ii) déi de Riichter a senger Beuerteelung beaflossen ?***

Wéi hei driwwer ausgefouert gouf ass dat net de Fall.

Vu, datt dës Fro sech exklusiv op d'Strofprozesser bezitt ass et net onwichteg ze rappeléieren dass et am Stroofprozessrecht keng Regele ginn déi dem Geriicht virschreiwen, op Basis vu wéi engen Elementer aus dem Dossier et seng Iwwerzeegung zitt (Prinzip vu der "intime conviction du juge"), an all Element kann, **wann et legal erhuewe ginn ass**, vum Geriicht considéréiert ginn. Grad esou wéi eng Prozesspartei sougenannte Moralitéitszeie viru Geriicht luede kann, kann och de Parquet d'Personnalitéit vum Beschëllechte beliichte mat deenen Elementer déi zu senger Verfügung stinn, an déi dann och fräi a kontradiktoresch debattéiert ginn.

Och hei gëllt de Prinzip vun der sougenannter Waffegläichheet: genau esou wei den Affekot fräi ass Entlaaschtungselementer virzebrénge kann de Parquet Belaaschtungselementer virbréngen, ënner der Bedingung, dass déi zwou Zorte legal beschaaft a kontradiktoresch debattéiert ginn.

Rehabilitéiert Décisioune stinn net méi am Casier Judiciaire, déi ginn deemno och net bei Geriicht zitéiert.

***- Ass d'Ausso, dass eng Persoun am Kontext vum Strofprozess dozou Stellung kann huelen, net en Aveu dass hei Saache schif lafen ?***

Et ass ëmmer um Geriicht, an nëmmen um Geriicht, festzehalen ob e Beweismëttel legal ass oder ob et muss écartéiert ginn. Wann deemno Elementer am Dossier wieren, déi der Défense no do net hir Plaz hätten, da kann dat viru Geriicht opgeworf ginn an dann ass et um onofhängege Geriicht ze décidéiere wat Recht ass. Dëst ass, z.B., an dem Uerteel vum 12. Juli 2018, dat an der Äntwert op déi parlamentaresche Ufro N° 823 vum 24 Juni 2019 ernimmt gëtt, de Fall gewiescht. D'Aart a Weis fir virzegoen ass ëmmer fir dem Beschëllegten seng Rechter ze waren, an déi onofhängeg Geriichter, duerch all Instanzen, garantéieren dat zu Lëtzebuerg.

Et kann een deemno op guer keng Aart a Weis vun engem "Aveu" schwätzen oder dass „Saache géife schif lafen".

# Hei d'Äntwerten op déi Froë vun der parlamentarescher Ufro déi der Zoustännegkeet vum Minister fir bannenzeg Sécherheet ënnerleien.

<u>*5.*</u>

***- Wéi eng Datebanke ginn et bäi der Police?***

***- Zu wéi engen Zwecker ginn déi Datebanken jeeweils konkret genotzt?***

***- Wéivil Leit hunn Accès op déi jeeweileg Datebanken? An wéi enger konkreter Funktioun hu si déi Accèsen?***

D'Police ass amgaangen de Register vun den Traitementer ze erstelle sou wéi dat am Artikel 23 vum Transpositiounsgesetz vun der Dateschutzdirectiv respektiv am Artikel 30 vum RGPD virgesinn ass. Dee Register beinhalt am Moment (Versioun vum 18. Juli 2019) 53 verschidden Traitementer, mee des Aarbecht ass nach net definitiv ofgeschloss, notamment well et net ëmmer esou kloer ass ob een Traitement aus enger oder méi Datebanke besteet. Dësweideren stellen sech Froen ob Traitementer, déi eng international legal Basis hunn (zum Beispill EUROPOL, NSIS, PNR...), och nach gesënnert opgezielt musse ginn. Dat selwecht gëllt fir Traitementer déi duerch en nationaalt Gesetz am Detail geregelt sinn (wéi zum Beispill d 'Gesetz iwwert den ADN vun 2006).

- ***A wéi enge Fäll deelt d'Police polizeilech Informatiounen spontan mat anere Verwaltungen ?***

D'Gesetz vum 22. Februar 2018 regelt am Kapitel 2, Sectioun 2, den Informatiounsaustausch mat anere Verwaltungen. Den Artikel 24 gesäit de spontanen Austausch explizit vir. Mam spontanen Austausch ass gemengt, dass d'Police d'Initiativ ergräift enger anerer Verwaltung eppes matzedeele well si der Meenung ass, dass déi Verwaltung dat sollt wëssen, ouni dass déi et selwer gefrot huet. Esou e spontanen Austausch ass awer bis elo nach net gemaach ginn.

- ***A wéi enge Fäll geschitt dat op Ufro ?***

Hei sinn déi Fäll déi mir bekannt sinn:

| Autorité requérante | Cadre | Cadre / Base légale |
|---|---|---|

| | | |
|---|---|---|
| Ministère de la Justice | Demande en obtention d'une arme/port/détention | Loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière<br><br>Loi du 15 mars 1983 sur les armes et munitions |
| Ministère de la Justice | Construction maison d'arrêt 'Ueschterhaff' | Loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière<br><br>Loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire |
| Armée luxembourgeoise | Enquête de moralité avant embauche (Armée) | Loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière<br><br>Règlement grand-ducal modifié du 25 janvier 2011 fixant les conditions de recrutement, de formation et d'avancement des officiers de l'Armée. |
| Ministère du Transport | Permis de conduire – mesures administratives | Loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière<br><br>Loi et arrêté Code de la Route |
| Institution, organe ou organisme de l'Union Européenne | Vérification de sécurité de personnes employées par un prestataire de service qui se trouve en relation contractuelle avec l'institution, l'organe ou l'organisme de l'Union européenne | Loi du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale |

| | | |
|---|---|---|
| Centre de Rétention | Visiteurs des personnes retenues | Loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière<br><br>Loi du 28 mai 2009 concernant le Centre de rétention |
| Commission de surveillance du secteur financier | Honorabilité des dirigeants | Loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière<br><br>Loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier |

Donieft kann een awer och nach folgend Situatiounen zitéiere wou punktuell en Echange gemaach gëtt:

- op Demande vun dem Service Protocole vum Ausseministère, vun der Cour Grand-Ducale an aneren Autoritéiten an Instanzen am Kader vun der Protektioun an der Sécherheet vun der Persoun vum Dignitaire am Zesummenhang vun engem aussergewéinlechen Evenement;
- op Demande vu verschiddenen Ambassaden am Kader vum Rekrutement vun neiem Personal.

Bei dëse punktuellen Echangë muss d'Police sech un d'Gesetz vum 22. Februar 2018 iwwert den Informatiounsaustausch halen. An dësen 2 Fäll stellt sech allerdéngs d'Fro ob do net och misst eng spezifesch legal Basis geschafe ginn.

Weider ass nach ze soen, dass d'Police amgaangen ass eng Prozedur mam Commissariat aux affaires maritimes auszeschaffen am Kader vum Gesetz iwwert de registre maritime.

- ***A wéi enge Fäll redigéiert d'Police e Rapport respektiv en Avis détaillé? A wéi enge Fäll gëtt just informéiert, dass d'Opruffen vun engem Numm positiv oder negativ an hire Datebanke war?***

Et ass un der Verwaltung déi ufreet fir festzeleeën no wéienge Critèrë gescreent soll ginn. D'Police informéiert dann iwwert d'Persounen op déi Critèren zoutreffen. Op Nofro kann da méi am Detail gekuckt ginn ob eng Persoun écartéiert soll ginn, ouni awer dass d'Police Abléck an d'Dokumenter oder d'Datebank gëtt. Et ass awer seelen dass eng Verwaltung nofreet, meeschtens geet d' Informatioun duer, dass eng Persoun polizeilech bekannt ass.

- ***Wéi ginn déi betraffe Persounen informéiert, dass se an enger Police-Datebank gefouert ginn? Wann se net doriwwer informéiert ginn, wéi kënnen se dann hir Rechter ausüben?***

Ech verweisen op d'Äntwert 5 vun der parlamentarescher Ufro N° 752 wou ech erkläert hunn "*Le droit d'accès de la personne concernée est réglé par les articles 13 et 14 de la loi du 1er août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale.*

*Le droit de rectification ou d'effacement des données à caractère personnel est réglé par l'article 15 de la loi du 1er août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale.*

*A ces fins, le justiciable peut s'adresser à la Police et plus particulièrement au délégué à la protection des données de la Police. Les informations y afférentes sont publiées sur le site internet de la Police, en application des articles 11 et 12 de la loi précitée du 1er août 2018.* »

*6.*

***- Kënnen d'Ministeren confirméieren, dass den ELS mëttlerweil konform ass mat de Recommandatiounen vun der deemoleger Art-17-Kontrollinstanz?***

***- Wann net, firwat ass dat nach net de Fall?***

D'CNPD ass informéiert, dass de JDI duerch den ELS ersat gouf, an d'Police huet d'CNPD och informéiert wéi den ELS aus senger Testphas eraus war, fir dass d'CNPD hir Kontrollfunktioun kann assuréieren. Bis elo huet d'CNPD den ELS nach net inspektéiert, wat awer och absolut normal ass, wëll an der kuerzer Zäit wou e leeft nach net vill Donnéeë gesammelt goufen. D'Police kann duerfir net soen ob d'Ännerungen déi gemaach goufen am ELS den Zousproch vun der CNPD kréien. Et dierf een an dem Kontext och net vergiessen, dass duerch den neien legale Kader villäicht fréier Kritiken net méi zoutreffen, souwéi eventuell och neier derbäi komme kéinten.

*7.*

***- Wéi erkläert sech de Minister dës widdersprëchlech Aussoen ?***

Et handelt sech net em eng widdersprëchlech Ausso. Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro N° 816 präziséiert gi keng Rapporten oder Procès-verballen am JDI/ELS gespäichert. Dëse Programm erlaabt just fir eng kleng Beschreiwung vun dem Virfall anzedroen.

***- Op der enger Säit betreffen d'Recommandatiounen de Journal des Incidents / ELS, op der anerer Säit goufen ni sou Rapporten oder PVen am JDI /ELS gepäichert: huet d'Art-17-Kontrollautoritéit sech éiere geiert?***

Nee, d'Artikel-17-Kontrollautoritéit huet an hire Recommandatiounen zum Journal des Incident/ELS bemängelt, dass de Polizisten hir Beschreiwungen iwwert hir dagdeeglech Aktivitéiten a Feststellunge gespäichert ginn an enger *"banque de donnée globale ouverte à tous les agents sur l'ensemble du territoire"*. Dat heescht awer net, dass am JDI/ELS Rapporten an Protokoller gespäichert sinn.

**8.**

***- Kann de Minister eis déi 8 Situatiounen opléschten ? Ass déi Lëscht exhaustiv?***

Am Tableau ënnert der Fro 5 sinn déi Fäll opgelëscht, déi mir aktuell bekannt sinn, an deenen d'Police op Ufro vun externen Autoritéiten e Screening mécht.

Doniewent mécht d'Police e Screening am Kader vun der "enquête de moralité" déi bei de Rekrutementer vu Polizisten gemaach gëtt, sou wéi dat am Gesetz vum 18.Juli 2018 iwwert d'Police grand-ducale virgesinn ass, an am Kader vun de vérifications des antécédents déi d'Police mécht ier se autorisations d'accès vir de Flughafen erausgëtt, dëst op Basis vum groussherzogleche Reglement vum 24. Februar 2016 "relatif aux conditions d'accès à l'aéroport de Luxembourg et aux contrôles de sécurité".

De Minister vir bannenzeg Sécherheet huet iwwer Courrier vum 16. Juli de Chamberspresident gefrot, fir no der Rentrée en Échange iwwert déi verschidde vérifications des antécédents mat der zoustänneger Kommissioun ze hunn. Bei där Geleeënheet kënne mir am Detail op all Froen agoen déi sech an dësem Kader stellen.

**9.**

***- Gëtt hei e systemateschen Screening duerchgefouert oder gi just eng Rei Leit gescreent ? No wéi enge Kritären gëtt entscheed wien engem Screening ënnerzu gëtt oder net ?***

De Minister vir bannenzeg Sécherheet verweist hei op d'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 945.

***- Gëtt de Screening just fir Nationalfeierdag oder och nach aner Manifestatiounen duerchgefouert? Wéi eng sinn dat?***

Wéi schonn uewe gesot ginn ass gëtt e Screening gemaach op Demande vum Service Protocole vum Ausseministère, vun der Cour Grand-Ducale an aneren Autoritéiten an Instanzen am Kader vun der Protektioun an der Sécherheet vun der Persoun vum Dignitaire am Zesummenhang vun engem aussergewéinlechen Evenement.

***- Wat ass déi legal Basis vun deene Screeningen?***

De Minister vir bannezeg Sécherheet verweist héi op d'Äntwert op d'Fro N° 5.

***- Wie mécht dee Screening just d'Police oder och aner Servicer (Geheimdéngscht etc.) ? Wéi eng Daten gi fir sou ee Screening consultéiert (just de Fichier central vun der Police) ?***

D'Police consultéiert just de Fichier central fir hiren Avis ze maachen. Wann an enger Gesetzgebung och nach de Réckgrëff op aner Servicer virgesinn ass freet d'Police just en Avis vun deem Service, mee si huet awer keen Accès op Fichieren vun engem anere Service (z.B. SRE).

*Den 10. Juli huet d'Chamber eng Motioun vum Honorablen Deputéierten Sven Clement duerch Vote par main levée ugeholl déi d'Regierung invitéiert huet mat "Screen shots" vun anonyme Beispiller de Fichier central duerzestellen.*

*Ech wëll heimadder dëser Opfuerderung nokommen.*

***DOKUMENT***

***Fichier central, Fonctionnement d'une recherche avec 2 moteurs de recherche différents***

POLICE
LËTZEBUERG

# Fichier central

# Fonctionnement d'une recherche avec 2 moteurs de recherche différents

POLICE
LËTZEBUERG

# Moteur de recherche FC

ZESUMME FIR IECH

## Masque principale

Informations utiles:

Dossier = No. de dossier
V = Identité validée
T = Type identité (O=original, A=Alias)
S= Signalement existant
Nom = Nom
Prénom = Prénom
Date de Naiss. = Date de naissance
Référence = référence vers autre dossier
P = Prêt du dossier en cours



## Fichier central
## Recherche

Pour lancer une recherche dans l'application FC, on doit d'abord intégrer un motif.

Après le motif on peut lancer une recherche en remplissant une des cases prévues, dans la plupart avec la date de naissance

La recherche est ensuite lancée soit par la touche «Enter», soit avec un clic sur le bouton «Recherche»



## Lancement d'une recherche

Lancement d'une recherche avec la date de naissance.

Résultat obtenu

Ligne rouge informe sur un signalement actif existant

Pour obtenir les documents d'un dossier, l'utilisateur doit cliquer sur le bouton «DOCU2»



## Affichage des documents

Le clic sur le bouton «DOCU2» ouvre tous les documents disponibles pour le dossier en question.

Service Central: SDPJ Centre-Est
Unité: SPJ-CB-RB-G

Montag, den 06 Mai 2019

An die

Staatsanwaltschaft beim Bezirksgericht

LUXEMBURG

- Premier Substitut

Ref. Nr.: SPJ-

BERICHT

**Betrifft:** Weitergeführte Ermittlungen in Bezug auf eine Einbruchserie, respektiv Diebstahl vermittels falscher Schlüssel im Grossherzogtum Luxemburg am 19 Dezember 2018, sowie vom 25 Oktober 2018 zum 28 Oktober 2018, welchen

## Enumération des documents

A gauche des documents affichés se trouve le login et la date de consultation, ainsi que la liste des documents disponibles.




Les documents archivés ne s'affichent pas, mais l'utilisateur est renseigné que des documents archivés existent et qu'il doit demander une autorisation auprès du procureur général d'Etat pour les consulter.



POLICE
LËTZEBUERG

# Moteur de recherche Doculite

ZESUMME FIR IECH

## Masque principale

Avec Doculite on peut lancer aussi une recherche au Fichier central. Cette application se présente comme suit:

Pour lancer une recherche il faut saisir au moins un critère de recherche.

Le motif de recherche ainsi que le motif de référence sont obligatoires pour lancer une recherche.



## Lancement d'une recherche

Une recherche lancée par la date de naissance et en poussant soit «Enter» sur le clavier ou bien le bouton «Recherche»

Résultat obtenu

Pour obtenir les documents d'un dossier il faut cliquer sur le bouton «PDF» dudit dossier.

Pour vérifier si un signalement actif existe il faut cliquer sur le bouton «FC» dudit dossier.



## Affichage des documents

Le clic sur le bouton «DOCU2» ouvre tous les documents disponibles pour le dossier en question.

| | |
|---|---|
| **Service Central:** | **SDPJ Centre-Est** |
| **Unité:** | **SPJ-CB-RB-G** |

**Montag, den 06 Mai 2019**

**An die**

**Staatsanwaltschaft beim Bezirksgericht**

**LUXEMBURG**

**- Premier Substitut**

**Ref. Nr.: SPJ-**

**BERICHT**

**Betrifft:** Weitergeführte Ermittlungen in Bezug auf eine Einbruchserie, respektiv Diebstahl vermittels falscher Schlüssel im Grossherzogtum Luxemburg am 19 Dezember 2018, sowie vom 25 Oktober 2018 zum 28 Oktober 2018, welchen

## Enumération des documents

A gauche se trouve le login et la date de consultation, ainsi que la liste des documents disponibles.




Les documents archivés ne s'affichent pas, mais l'utilisateur est renseigné que des documents archivés existent et qu'il doit demander une autorisation auprès du procureur général d'Etat pour les consulter.



***- Wéi eng Informatiounen ginn an deene Fäll weidergeleet (just d'Info, dass d'Interrogatioun an der Datebank„positiv" verlaf ass, en Avis sommaire oder awer en Avis détaillé) ?***

Et gëtt hei verwisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 945.

***- U wie ginn dës Informatiounen weidergeleet? Just un de Service vum Protokoll vum Ausseministère?***

Am Fall vum Nationalfeierdag just un de Service vum Protokoll vum Ausseministère.

***- Sinn an deene Fäll Recourse virgesinn ? Wéi eng sinn dat? Kann een dës Recoursméiglechkeeten als „effektiv" bezeechnen?***

Et gëtt hei verwisen op d'Äntwert op d'parlementaresch Ufro N° 945.

***- Wéi bewäert d'Regierung den Ëmstand, dass an enger Äntwert op e Bréif vun där Persoun, déi am RTL-Reportage ze gesi war, de Policegeneraldirekter den 19. Dezember 2018 (also 4 Méint nom Akraafttrieden vun de jeeweilegen Dateschutzgesetzer) Folgendes schreift:***

***« Effectivement, bien que le règlement grand-ducal du 2 octobre 1992 relatif à la création et à l'exploitation d'une banques de données nominatives de police générale ait perdu sa base légale avec l'entrée en vigueur de la loi du 1er août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale, la Police applique toujours les règles relatives aux délais de conservation en attente de nouvelles règles à fixer d'après les nouvelles dispositions. » ?***

Wéi d'Gesetz vum 1. August 2018, dat d'Dateschutzdirektiv transposéiert huet, a Kraaft getrueden ass louch d'Décisioun wéi laang d'Donnéeë gehale kenne gi beim "responsable du traitement", also dem Generaldirekter vun der Police. Näischt huet also verhënnert déi Regele bäizebehalen, sou wéi d'Police dat och fir d'Fichiere vun den Avertissement taxés, den automatesche Radaren oder dem Visupol gemaach huet. De Minister fir bannenzeg Sécherheet ass awer der Meenung, dass Ausféierungsbestëmmungen iwwert Règlement grand-ducal solle fixéiert ginn. An deem Kontext misst een sech och iwwert d'durée de consérvation Gedanke maachen.

---